4. de Projet de loi 4804 iwwert de Collège vétérinaire, a

5. de Projet de loi 4838 iwwert d'Konventioun EUMETSAT.

Fir déi iwwreg Punkte vum Ordre du jour, un déi mer deemno haut kommen, bleift d'Reiefolg wéi virgesinn onverännert.

Mir kommen dann elo zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour, an zwar d'Diskussioun vum Projet de loi 4813 iwwert d'Transpositioun vun enger Direktiv iwwert de Finanzsecteur.

D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluegt. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Krecké, Rippinger, Bausch a Bisdorff.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Clement.

3. Projet de loi 4813 portant transposition dans la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier

– de la directive 2000/28/CE modifiant la directive 2000/12/CE concernant l'accès à l'activité des établissements de crédit et son exercice;

– de la directive 2000/46/CE concernant l'accès à l'activité des établissements de monnaie électronique et son exercice ainsi que la surveillance prudentielle de ces établissements

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Clement *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4813, deen haut hei an der Chamber zum Vote virläit, huet als Objet d'Transpositioun an eis national Gesetzgebung vun zwou europäeschen Direktiven. Dës zwou Direktive sollen an dat modifizéiert Gesetz vum 5. Abrëll 1993 iwwert de Finanzsecteur transposéiert ginn. De Gesetzesprojet ass duerch de Budgetsminister ausgeschafft ginn, an en ass den 18. Juni 2001 elei an der Chamber déposéiert ginn. Dëse Projet huet d'Chambre de Commerce de 6. August 2001 aviséiert; dem Statsrot säin Avis ass den 19. Februar 2002 erakomm. D'Commission des Finances et du Budget huet mech an der Sëtzung vum 14. Mäerz 2002 als Rapporteur bestëmmt. An der nämlechter Sëtzung ass de Projet mat deene verschiddenen Avisen analyséiert ginn. D'Kommissioun huet de schrëftleche Rapport den 8. Abrëll 2002 adoptéiert.

Den Objet vun dësem Gesetzesprojet ass d'Schafe vun engem juristesche Kader fir Finanzinstituter, déi awer keng Banken am klassesche Sënn vum Wuert sinn, an deenen hir Aktivitéiten sech exklusiv op d'Emissioun vun der Monnaie électronique beschränken. Esou e Cas de figure ass am Moment elei zu Lëtzebuerg nach vu reng theoretescher Natur. De Grond ass, datt et bis haut hei zu Lëtzebuerg nach keng Etablissementer gëtt, deenen hir Aktivitéit sech exklusiv op d'Emissioun vun der Monnaie électronique beschränkt. Etablissementer, déi haut esou enger Aktivitéit hei am Land noginn, sinn exklusiv Banken a sinn ergo och un déi méi strikt Konditiounen, déi fir dëse Secteur gülteg sinn, gebonnen. D'Europäesch Kommissioun verlaangt awer, datt déi zwou Direktiven nach dëst Joer an déi national Gesetzgebung ëmgesat ginn. Domat kann ee soen, datt dëse Projet am Moment nach eng reng vorbeugend Approche huet. De juristesche Kader charakteriséiert sech als op a flexibel um technechen Niveau. An anere Wierder: Lei geet et drëm, fir méiglech nei Innovatiounen net vu vireran ze bloquéieren. Eng gesond a virsiichteg Gestioun, mä och déi finanziell Integritéit vun den Etablissements de monnaie électronique sollen awer op der enger Säit garantéiert sinn. Op där anerer Säit soll och d'Vertraue vum Konsument, also vun deene Leit, déi mat där Monnaie électronique ëmgoe sollen, an dëst neit Zuelungsmëttel verstäerkt ginn. Den Text versicht also e gesonden Equiliber tëschent dem Intérêt vun de Konsumenten an den Entwécklungsméiglechkeete vun de Monnaie-électronique-Systemer ze garantéieren. Dowéinst ass de juristesche Kader och net esou enk gezunn.

D'Approche, déi elo zréckbehale ginn ass, ass conforme zu de Revendicatioune vun der Europäescher Zentralbank. D'Etablissementer, déi exklusiv mat der Monnaie électronique schaffen, ginn also an eng speziell Kategorie vu Finanzinstituter aklasséiert. Gläichzäiteg applizéiere sech d'Regele vun enger minimaler Reserv, déi sou en Etablissement virweise muss. Dës finanziell Reserv ass vum Législateur op eng Millioun Euro fixéiert ginn. Dëse Montant kann awer, le moment venu, duerch e Règlement grand-ducal ofgeännert ginn. Sauf exception sinn déi concernéiert Etablissementer un déi gesetzlech Konditiounen iwwert den Zougang an d'Ausübung vun der Activité bancaire gebonnen. De Grond heifir ass d'Gläichbehandlung um Niveau vun der Konkurrenzkapazitéit mat deene klasseschen Instituter, deenen hiren Agrément eng Emissioun vu Monnaie électronique scho beinhaltet. Ajustementer gëtt et um Niveau vum Agrément a vun der Surveillance bancaire prudentielle. Dat justifiéiert sech duerch d'Spécificitéit an duerch d'Risiken, souwuel vun der Emissioun wéi och vun der Gestioun vun dëser Monnaie électronique. En contrepartie profitéieren d'Etablissements de monnaie électronique vun engem Passeport européen, fir hir Servicer an der ganzer Europäescher Unioun kënnen unzebidden.

De Gesetzesprojet beinhaltet net déi quantitativ prudentiel Normen. Wéi dat och an der Vergaangenheet gemaach ginn ass, ginn dës Normen duerch d'Commission de surveillance du secteur financier anhand vu Circulairë

festgeluegt. Dat huet zwee Virdeeler: Éischtens ass et méi einfach, dës Normen weiderhin, spéider ofzeänneren; zweetens gëtt de Gesetzestext net duerch technesch Regele surchargéiert.

D'Porte-monnaies monoprestataires falen net ënnert de Champ d'application vun dësem Gesetzesprojet. Mat Porte-monnaies monoprestataires sinn zum Beispill déi virbezuelte Kaarte gemengt, déi nëmme vun engem Emetteur eraus gi sinn, an och nëmme vun deemselwechten als Zahlungsmëttel acceptéiert ginn. Als Beispill wëll ech hei d'Tëlefonskaarte vun der Post uféieren, wou den Emetteur an och de bénéficiaire vum Geld een an deeselwechten ass.

Quant au fond hunn d'Chambre de Commerce an de Statsrot de Projet tel quel approuvéiert. Si hunn awer verschidde Remarken, respektiv Ännerungsvirschléi gemaach an d'Finanz- a Budgetskommissioun huet deene Virschléi gréisstendeels Rechnung gedroen. Wat den Intitulé vun den Artikelen ugeet, huet d'Kommissioun den Intitulé am Artikel I suppriméiert an den Intitulé vum Artikel II mat dem Titel "Dispositions transitoires" iwwerschriwwen. Dat ass am Sënn vun enger méi grousser Lisibilitéit a Verständlechkeet.

Um Niveau vum Artikel XII.12 huet d'Chambre de Commerce verlaangt, fir d'Konditiounen an d'Délaie vum Remboursement ze preziséieren. De Statsrot huet sech dëser Fuerderung ugeschloss, an an deem Sënn eng Textofännerung proposéiert. D'Kommissioun huet dës Propositioun zréckbehalen an de Regierungstext deemno ofgeännert. Domat gëllt fir de Remboursement eng Verjährungsfrist vun zéng Joer. De Point de départ vun der Verjährungsfrist gëtt preziséiert: Et ass d'Enn vun der Période de validité vum Support vun der Monnaie électronique. Weiderhi mussen d'Konditioune vum Remboursement am Kontrakt ganz kloer bestëmmt ginn. Et gëtt zum Beipill e Remboursement bei der Perte, dem Vol oder der Zerstéierung vum Support vun der Monnaie électronique, an dat ënnert der Reserv, datt d'Valeur vun der Monnaie électronique technesch determinéiert ka ginn.

Här President, ech hoffen, datt dëse Gesetzesprojet heibannen an der Chamber eng breet Zoustëmmung fënnt. Ech géif dann och nach am Numm vun der CSV den Accord vun eiser Fraktioun ginn. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen. Den Här Krecké huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Jeannot Krecké *(LSAP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Wierder an dem Wonsch un de Rescht vun der Chamber vum Här Clement kann ech nokommen an den Accord vun eiser Fraktioun bréngen, well et e Projet ass, deen am Moment och nëmmen eng theoretesch Bedeitung huet, wou mer awer eng Direktiv ëmsetzen iwwert eppes, wat awer mar ka vläicht Wierklechkeet an den Aktivitéiten hei zu Lëtzebuerg ginn, dofir den Accord vun eiser Fraktioun, Här President.

M. le Président.- Als Nächsten ass den Här Jean-Paul Rippinger agedroen. Den Här Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).-* Här President, och am Numm vun eiser Fraktioun géif ech dem Här Lucien Clement, dem Rapporteur, villmools merci soen, fir säin ausféierleche Rapport a, wann ech och soss net ëmmer mam Här Krecké d'accord sinn, dann awer elo. Mir wäerten och déi Ëmsetzung vun dëser Direktiv an dëse Projet de loi stëmmen.

M. le Président.- Den Här Robert Mehlen huet d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR).-* Här President, meng Fraktioun huet mech chargéiert fir och den Accord vum ADR zu dësem Projet ze bréngen.

M. le Président.- Den Här Aloyse Bisdorff huet d'Wuert.

M. Aloyse Bisdorff *(déi Lénk).-* Ass et u mir?

M. le Président.- Et ass kee méi do, deen d'Wuert freet. Da kritt den Här Minister d'Wuert. Ah, jo, entschëllegt!

M. Aloyse Bisdorff *(déi Lénk).-* Et ass gutt, Här President. Ech brauch och nëmmen ee Saz heizou ze soen. Et ass eng Ëmsetzung vun der Direktiv, déi d'Praxis elo zu Lëtzebuerg wéineg betrëfft, well mer mat elektroneschem Geld eng aner Praxis hunn, wéi déi vun deenen Institutiounen, déi nëmmen elektronesch Geld erausginn; bei eis sinn et haaptsächlech d'Banken, déi dat maachen, soudass also déi Ëmsetzung fir eis net ganz relevant ass.

M. le President.- D'Wuert huet den Här Budgetsminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget.-* Här President, bei esou vill Eestëmmegkeet an dësem Parlament an no deenen ausféierlechen Erklärunge vum Rapporteur, dem Här Clement, wëll ech hei keen Duercheneen am Parlament maachen,…

(Hilarité et interruptions)

…dofir géif ech d'Parlament bieden, dëse Projet ze stëmmen. De Projet hat eis Zoustëmmung am europäesche Ministerrot fonnt, och wa mer grondsätzlech der Meenung sinn - dat wëll ech awer och hei soen -, dass et besser ass, dass mer Universalbanken hunn, déi also méi wéi eng Tätegkeet hunn. Et ass esou, datt a verschiddene Länner schonn haut Finanzinstituter sech op déi Aktivitéit spezialiséiert hunn, an dofir muss een och déi Méiglechkeet am Lëtzebuerger Recht virgesinn. Mä grondsätzlech hunn ech léiwer Universalbanken, well déi och manner ufälleg sinn, wann an deem engen oder anere Beräich mol eng Kéier e Problem optaucht. Mä, an deem Sënn soen ech der Chamber am Viraus merci, wa se dësem Projet de loi hir Zoustëmmung gëtt.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Diskussioun vum Projet de loi ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet 4813 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir kommen zum Vote iwwer de Projet de loi 4813.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass mat 50 Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mmes Marie-Josée Meyers-Frank, Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Marie-Josée Meyers-Frank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Nico Loes), MM. Nicolas Strotz (par M. Willy Bourg), Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Jean-Paul Rippinger), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Alexandre Krieps, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer (par Mme Maggy Nagel) et Théo Stendebach;

M. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Fernand Greisen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch (par M. Robert Garcia), Robert Garcia, Camille Gira et Jean Huss;

M. Aloyse Bisdorff.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Da komme mer lo zur Diskussioun iwwert de Projet de loi 4845 iwwert d'Unerkennung vum internationale Baccalauréat. Et hu sech schonn ageschriwwen déi Häre Wiseler, Scheuer, d'Mme Durdu, déi Häre Colombera, Garcia a Bisdorff.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Xavier Bettel.

4. Projet de loi 4845 portant reconnaissance d'équivalence du baccalauréat international avec le diplôme de fin d'études secondaires luxembourgeois

Rapport de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

M. Xavier Bettel *(DP), rapporteur.-* Här President, wéi Der et elo gesot hutt, de Projet vun haut ass d'Reconnaissance vum Bac international. Deen éischte Projet, dee vun der Regierung déposéiert gi wor, hat just d'Equivalenz virgesinn an e Reglement iwwert d'Modalitéiten.

De Conseil d'Etat huet a sengem Avis vum 29. Januar 2002 gesot, dass d'Gesetz misst méi prezis sinn an huet Modifikatioune virgeschloen. D'Regierung huet dunn en Amendement eraginn an d'Kommissioun huet deen Amendement an den Text esou ugeholl.

De Règlement grand-ducal gesäit vir de Programm, d'Zuel an den Niveau vun de Sproochen an d'Branchë vun deene verschiddenen Disziplinsgruppen, d'Minimumpunkten an d'Punkte vun der Kompensatioun an d'Dauer vun der Scolaritéit.

Et gëtt Leit, déi mengen, dass een eng aner Méiglechkeet hätt, wéi den normalen Diplom hei zu Lëtzebuerg ze maachen, wier eppes ganz Neies. Et muss ee wëssen, dass den Här Nicklaus schonn an der Dupongs-Schoul hei zu Lëtzebuerg, wou hien Direkter wor, d'Méiglechkeet geschafen hat, fir dass d'Kanner vun deenen Elteren, déi aus dem Ausland heihinner genannt goufen, konnten en Diplom maachen.

Dunn ass d'American School hei zu Lëtzebuerg opgemaach ginn, wat d'Transformatioun vun der Dupongs-Schoul war. Haut gesäit een, dass bal 400 bis 500 Schüler an där International School sinn.

Lëtzebuerg huet och d'Konventioun vu Lissabon ënnerschriwwen an d'Recommandatioune vu Vilnius, de 16. Juni 1999, déi justement dee Bac international virgesinn an och d'Modalitéiten.

Da wëll ech soen, dass et net déi eenzeg Méiglechkeet ass, fir hei en Diplom ze kréien, wat jo de Collège Vauban beweist. Et si vill Leit, déi dat net wëssen. Och hei kënnen d'Leit en Diplom maachen, deen u Frankräich rattachéiert ass.

Firwat ass d'Unerkennung vum Bac international wichteg? An zwou Hinsichten. Selbstverständlech fir dass déi Leit, déi de Bac hei zu Lëtzebuerg maachen, och d'Méiglechkeet hunn, wann zu Lëtzebuerg eng Uni kënnt, sech kënnen op där Uni anzeschreiwen. Wann eng Plaz op ass, wou e Premièresdiplom gefrot ass, da gëtt dee Bac inter-